Journée Commémorative Nationale 1968 zu Letzeburg. Firwât?

Bis elo huet d'Fédération des Victimes du Nazisme, enrolés de force, hir jährlech Journée Commémorative Nationale all Joer, zenter 1961, an enger ânerer Uertschaft ôfgehâlen. Ofwieselnt am Minett, am Eisleck an am Zentrum. D'Feierlechkéten sin dest Joer an der Stâdt, well ons Délégéert an der Generalversammlung vum leschte Joer beschloss hâten, dass bis zur Journée 68 de definitiv Platz fir de Monument National gewielt misst sin. An deser Uertschaft geif dann och d'Journée ofgehâlen. Wé aus Press a Radio bekannt, huet ons Regierung op dé vill Entrevuen, Démarchen a Firschle' vun onser Féderation de Kanonenhiewel hei an der Stâdt fir de Monument National fir all Naz affer zu Verfügung gestallt. Gelegentlech onser desjähreger Journée fannen also de éscht Zeremonien op dem Platz statt, dé fir d'Erichtung vum Monumen National designéert ass.

Firwât huet d'Fédération vun den Zwangsrekruté'erten Naziaffer all dé vergânge Joer den éschte Sonden am September als Datum gewielt an dest Joer de 15. September?

Fir all Zwangsrekruté'erten waren a bleiwen dé schwärzten Dég a sengem Liewen den 30 August 1942. Den Dâg wo' den Gauleiter Simon fir d'letzeburger Jongen d'Wehrpflicht agefoert hât. Awer och den 31. August 1942 ass wue so' memorabel fir all Enrôlés. Dén Dâg wo' d'Letzeburger Vollek sech sponta als Aentwert op dem Gauleiter seng Proklamati'on firun seng Jongen gestallt an mam Generalstreik geäntwert huet. Et sin also dé zwé Datumen dé o'ni Zweivel am géegnetsten sin fir d'Commémorati'on un all dé batter Stonnen, dé héroesch Dég, dé gro'ssen Sacrifice vun der Letzeburger Jugend an de Calvaire fun alle Letzeburger Affer ze begoen. Aus organisatoresche Grönn get de Sonndeg gewielt dén kalennermésseg am nôtsten dobei leit. Allerdéngs ass ons Fédérati'on dest Joer vun desem Prinzip ofgewacht an op erem nemme aus organisatoreschen Ursachen. Dir d'éschte Kéer go'w décidéert ons Jugend vun haut offiziel un deser Manifestatio'n ze bedélegen. Wé ons Sekti'on Letzeburg, dé mat der Organisati'on beopdragt ass, hir Arbechten am Juni ugefangen huet an no dénén éschten Kontakten mat de Comitéen vun der Jugendorganisatio'nen, wôt allgemeng d'Ménung de Schoelufank ge'w dest Joer énhétlech am ganze Land an d'zwét Woch vum September geluet gin. D'Vakanz wär also den éschten September nach net eriwer an e Kontakt mat de Memberen vun de Jugendorganisati'onen schwéer. Och âner Organisati'onen a Vereiner dé mir invité'ert hun dé selwecht Schwieregkéten gesin eso' dass onse Fédérati'onscomité sech entschloss huet den Datum nôm Schoelufank ze léen an den Sonden 15. September go'w gewielt.

Dir huet elo' grad gesot, bei der Journée 68 wäre fir d'escht offiziel d'Jugendorganisationen invité'ert. Wât sin d'Ursachen heivun?

Mir Enrôlés sin der Ménung dass wann dé schwéerst an trageschst Zeiten dé e Vollek duercherliewt huet net dierfen vergéss gin, da muss d'Undenken eso' fré wé méglech an de Géscht vun sengem Nowues ageplanzt gin. A wé kann én dat besser machen, als dass én de Jonktem Dél huele léist un déné Gedächtnisfeiern? Et ass do dé beschte Gelégenhét de Géscht vun déne Letzeburger dé sech dem Ennerdrécken entge'intgestallt hun erem opliewen ze lôssen. Bei dénen d'Zeremonien kann am beschten matgefillt gin wé et ons Médercher a Jongen vun démols war, wé mir verschléft a gepengescht gowen; wé et haut nach engem ass wann én un sei Komerôd zereck denkt dén én am Alter vun 20 bis 24 Joer op Schluechtfelder oder Gefângelâger zereck huet misse lôssen. A mir selwer können ons d'Ongeheierlechkét an Tragik vun démols erem besser an Gedächtnis zereckrufen van mir Kanner bei ons gesin a bedenken dass mir an dem selwechten Alter wé sé haut virun ronn 25 Joer dé schénste Jugendjoeren plötzlech zerass an zerstéert kruten. Stenterlech virun niegekannte Gewössenskonflikte gestallt go'wen. Engem Verbriecherregim ze dengen, sech selwer ze affren oder seng Familgen a Gefoer ze bren-

gen. Sei Liewen op d'Spill ze setzen an dem Do'd an d'Aen ze kucken. Dir kennt iech wuel virstellen wé et ons de lescht Woche wâr wé mir d'Nôrichten aus der Tschekeslowakei héren hun. Wé no knapps 28 Joer erem eng Ké'er Preisen dobei waren fir engem Vollek wat frei wöllt sin mat Gewalt a frieme Regim opzezwengen. Wé d'Schudderen ons de Rék erôfôlâfen wan mir ons Kanner gesin an drun denken dass hinnen kann mur dat selwecht kann passéeren wat mir erliewt hun. An eso' Ablécken dréckt ons d'Verantwortung ons duebel schwéer a mir fillen dass et net anescht gét wé dass mir d'Affer vum leschte Weltkrich zesummen mat der Jugend vun haut gemeinsam commémoré'eren. Dass mir zesummen mat der Jugend vun haut un d'ongléckleche Zeit erenneren. Gemeinsam proklamé'eren an ons âsetzen fir d'Freihét an d'Onofhengekét vun onsem letzeburger Vollék.

Op dem Programm vum 15. September stét muerges eng Zérémonie mat der Iwerréchung vun der Médaille de la Reconnaissance Nationale. Kenn dir doriwer Explikatio'nen gin?

Et ass dat fir ons Fédérati'on an ech mengen fir all Enrolé eng gr'oss Satisfaktion an Zefridenhét. Endlech get nämlech eng weider wichteg Fuerderung vun ons erföllt. Mat der Schâffung fun der Medaille de la Reconnaissance Nationale get d'Unerkennung an den offizielle Merci vun onser Hémecht all déne dâperen a getreien Leit ausgedréckt dé am Krich de Médercher, Jongen a Residenzler gehollef hun sech dem preisesche Zo'greff ze entreissen. Et ass dest den Ufank vun der Remerciementsaktion an dé'er ons Fédérati'on bestriew ass, dass absolut kén soll vergiess gin de sei Liewen op d'Spill gesât hât fir engem Letzeburger Vervollegte Bierger ze höllefen. Op Vierschlâg vun onsem Nationalcomité gin als Optakt zu deser Dankbarkétakti'on als éscht och dé ésch 21 Affer vum der Médaille de la Redonnaissance Nationale à titre postume geé'ert. D'Présidenten fun de Sekti'onen fun den Enrolés de Force empfenken aus den Hänn vum Här Staatsminister dé ésch Medaillen fir hir Sekti'onen. Des Dékoratio'nen gin da bei lokale Feieren, den 13 Oktober oder bei âner passenden Gelégenhéten dem verdingschtvollen Patrioten iweréscht. De Ressentiment ass natierlech nach net offgeschloss an eso' eng gro'ss Aktion muss sech schon reng aus techneschen an organisatoreschen Bedingungen op eng gewessen Zeit erstrecken. Ed bedeit dofir och absolut keng Diskriminatio'n fir all dé, dé an der éschter oder zwéter Série net un d'Rei komm sin. All dé dé hiert Liewen firt Hémecht op d'Spill gesât hun mussen och den Dank vun der Hémecht gewöss sin. Dat ass d'Bestriewen an den Asâtz vun der Fédératio'n vun den Enrôlés de Force.

Könnten mir dann nach e kurze Bléck op de Programm fum 15. September werfen?

Wé schons erfirgestrach ass e Sonden de Muergen em 10 Auer eng Ceremonie am Staatsministerium, wo' den Här Staatminister fir d'ésch dé 21 ésch Affer vum Generalstreik mat der Médaille de la Reconnaissance Nationale à titre postume éert. Dono iwerrécht hien un d'Présidenten vun de Lokalsektio'nen vun den Enrôlés de Force d'Médaillen dé an hirer Uertschaft zur Verdélung kommen.

Nomettes um 3 Auer um Knuedler Rassemblement vun den Enrôlés an hiren Invité'erten. Enner leschteren wöll ech speziell dé verschidd Residenzorganisatio'nen ernimmen dé ons all positiv op ons Invitati'on geäntwert hun. Hei um Knuedler fanne sech och d'Jugendorganisatio'nen an.

D'Begréssung get durch den Komerod Ernest Steil, President vun der Sektion Letzeburg virgeholl. Duerno schwätzt den Här Spitz,

President vun der Malgré-Nous, am Numm vun de franzeschen Enrôlés de Force.

Uschléssend dann d'Ried vun onsem Nationalpresident.

Em 1/4 vir 4 forméert sech dann de Cortège an den Départ ass fir 4 Auer firgesinn.

Vum Knuedler, gét et iwer de Gruef, durch d'Gro'ssgass, Boulevard Royal, Nei Avenue an durch d'âll Avenue iwer d'âll Brék erem zeréck fir un de Kano'nenhiwel.

Em 5 Auer fénken d'Zeremonien um Kano'nenhiwel mam Appel aux Morts virgedrôen durch den Monnerecher Kannerkoer un. D'Fendelen stinn de Bierg erop an Jugendvertrieder mat Fâckelen iwergin d'Feier vu Mann zu Mann bis dé leschten dann d'Flamme du Souvenir um Hiwel ufénkt. Dono d'Neerléen vu Gerben a Blumen firum hölzene Kreiz vun den Enrôlés de Force. Als Ofschloss dé verschidden Nationalhymen. Wärend dese Zeremonien ass d'âll Brék ôfgespârt a d'Participe'en stinn op der Strôss virun dem Kano'nenhiwel wärend dé weltlech a kirchlech Autoritéiten op der Tribun Plâtz geholl hun.

Nom Ofschloss fun dese Zeremonien gi mir dann eriwer firun d'Katedrâl wo' um 6 Auer eng Mass Commémorative um Parvis vun der Katedral ass. Am Fall vu schlechtem Wierder get d'Mass an der Katedral célébréert. Dé Mass get gehâlen vun onsem Komerôd den Här Pastoer Bichler a koncélébréert vun allen ofkemmlechen géschtlechen Komerôden vun de Joergäng 1920-26. De Gesank och hei vum bekannten Monerecher Kannerko'e

Um 7 Auer Réceptio'n am Staatshaus vun der Gemeng Letzeburg mam Eerewein an Iwerréchung vun den Rubans en Argent an en Or fir d'Verdingscht vun Enrôlés de Force.

Op der Place d'Armes ab 8 Auer Concert vun de Rossignoléen vun Arel Domaden wär de Programm erlédecht an mir Organisatoren hoffen dass domaden e weideren wierdegen a schéne Gedenkdâg zu Enn gét, dén offgehâle ginn ass am Gésch an zur E'er vun alle Letzeburger Morts pour la Patri